Organisation non-gouvernementale (ONG)
agréée par le Ministère de la Coopération
et de l'Action humanitaire

# Action pour un Monde Uni



## Bulletin novembre 2015

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kiirchestrooss • L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 • Fax: 23 67 63 75 • www.amu.lu • info@amu.lu



## Léif Frënn

Dëst Joer huet d'AMU 4 nei Projeten vum Kooperatiounsministère accordéiert kritt, wouriwwer mir immens frou an dankbar sinn. Dëst si wichteg Projeten, déi mir a 4 verschidde Länner lancéiere konnten. D'AMU huet säit ëmmer a verschiddene Länner op der Welt geschafft. Et sinn am Laf vun de Joeren immens gutt Partnerschafte mat lokalen ONGen entstan. Op dësem Wee wëlle mir och dem Ministère an all eisen Donateure fir hiert Vertrauen an d'AMU Merci soen.

Mir waren am Laf vum Joer verschidde Projeten am Tansania an am Kongo kucken, méi dozou fannt dir hei am Bulletin. De Moment sinn och d'Vanessa an de Marc, zwee Volontaire am Projet „Nueva Vida" am Uruguay engagéiert. Si maachen eng immens flott Erfahrung am Kader vun hirer Aarbecht mat de Kanner aus dem Aarmevéirel. Och um administrative Plang konnte si der lokaler ONG verschidden Aarbechten ofhuelen.

D'AMU hat dëst Joer fir 4 Méint de Claude B. als Stagiaire um Büro, wat fir eis eng immens gutt Erfahrung war. Hie konnt eis a villen Domäner eng Hand upaken. Da wor d'Sarah Z. mat an de Kongo, fir de Projet vun der Maternité ze besichen. Seng Präsenz, säin Interessi a seng wichteg Remarke goufe vun eisem Partner appreciéiert. De Joe H. an de Jang St., zwee couragéiert Männer, déi sech bereet erklärt hunn, fir zesumme mat eise Frënn vun Nepalimed an den Nepal ze goen, fir op der Platz ze kucke, wéi mir de Leit beim Opbau nom Äerdbiewe kënnen hëllefen. Iwwert dëse Wee seet d'Equipe vun der AMU all de Leit, déi eis ënnerstëtzt hunn, ee grousse Merci fir hier Zäit an hiert Engagement. Mir wäerte sécher och an Zukunft eis Dieren opmaache, fir speziell jonke Leit d'Méiglechkeet ze bidden, bei der AMU matzemaachen.

Mir hoffe mat dësem Bulletin Iech en Iwwerbléck ze ginn, wat d'AMU dëst Joer probéiert huet ëmzesetzen. Vill Freed beim Liesen.

Claude Steichen

**Hola a todos!**

**Moie léif AMU-Frënn,**

Mir mellen eis aus dem Uruguay, engem klenge Land a Südamerika. Mir sinn zu Montevideo, an der Haaptstad a schaffen all Dag am Kanner- a Jugendzentrum „Nueva Vida" an engem Véirel nördlech vun der Stad. De Véirel heescht „Barrio Borro" a gehéiert zu engem vun denen äermste vun der Stad.

Moies um Wee fir an den Zentrum gesäit een all méigleches:
Eng ganz Famill op engem ale Motorrad, fräilafend Déire vun all Zort, virun allem awer d'Haiser déi ganz ënnerschiddlech sinn, vun Haiser mat Blech-



daach ouni fléissend Waasser, ouni Stroumversuergung bis op Haiser mat engem gewëssene Standard.

Den Zentrum ass dofir geduecht, fir Kanner a Jugendlechen Aktivitéiten unzebidden, virun respektiv no der Schoul, an duerch verschidden Atelieren ze fuerderen. Natierlech sinn och Jugendlecher do, déi d'Schoul längst opginn hunn, a fir déi ass et wichteg, si um richtege Wee ze halen an net den Uschloss verléiren ze loossen, fir duerno kënnen e stabilt Aarbechtsliewen ze féieren. Dat ass natierlech méi liicht gesot ewéi gemaach.

Den Zentrum ass flott opgebaut, et ass vill Plaz bausse mat Spillplaz an engem Futtballsterrain, vun deenen och vill profitéiert gëtt. Mir gesinn dat

super Resultat, vun dem wat mat der Hëllef vun der AMU opgebaut gouf: Ënnert anerem eng Schräinerei, ee Computerraum a soss Renovatiounen an dene jeweilege Gebaier.

No der Kris (2001) huet sech och vill am Barrio verännert: Den Honger ass elo manner e Problem, mä éischter d'Gewalt an d'Drogenszeen, déi am Barrio am Fokus stinn. Säit mir hei sinn, hu mer schonns verschidde Fäll matkritt vu jonke Leit, déi an de Prisong koumen oder gestuerwe si wéinst dësen Ëmstänn. En anere Problem ass dee relativ héigen



Taux vu Gebuerten an dem jonken Alter vun de Mammen.

D'Kanner liewen deementspriechend an engem schwieregen Ëmfeld, wou Gewalt oft nach eng Form vu Kommunikatioun ass.

Dëst spigelt sech och am Behuele vun de Kanner an de Jugendlechen erëm: sech verteidegen heescht intuitiv Gewalt uwenden. An dat schonns an engem ganz jonken Alter. Op der anerer Säit sichen se awer och vill Zouneigung a Léift, déi se doheem oft net kréien.

D'Situatioun schéngt een Däiwelskrees ze sinn, ëmmer nei Fäll vun ze jonken an onerfuerene Mamme verbesseren net déi aktuell Situatioun vu mangelnder Éducatioun.

Den Zentrum huet sech zur Aufgab gemaach, déi jonk Fraen ze sensibiliséieren.

Wat mir an eisem Alldag am Zentrum maachen ass bei den Aktivitéite mathëllefen, an se och selwer organiséieren: an der Schräinerei, Hausaufgabenhëllef, Danzatelier, Computeratelier… Mir schaffen och deelweis fir d'ONG CO.DE.SO., dene mir ënnert anerem eng nei Websäit maache fir Nueva Vida.



Mir zwee haten eis séier un eis nei Ëmgéigend gewinnt an entdecke gären déi uruguayanesch Kultur. D'Uruguayaner sinn am allgemengen super sympathesch Leit: immens hëllefsbereet, mënschlech, net zeréckhalend, a leeën zemools vill Wert op ee gutt Zesummeliewen an der Gesellschaft. Mir fillen eis ganz wuel hei a wäerte ganz vill mat op de Wee huele vun dëser Experienz. Mir hunn déi Chance als Lëtzebuerger sou eppes kënnen z'erliewen an en neie Kontinent z'entdecken a kënnen et nëmme recommandéieren !! Hasta luego!

Vanessa a Marc

## *… en Amérique Latine*

Projet 2015-2018

**Renforcement des capacités de 21 organisations**

**Budget alloué au projet :** € 208.003,09

**Cofinancement selon le contrat du** 08.06.2015

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 138.668,73

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl:** € 69.334,36

**Partenaire local :** SEFOMA

Am leschte Bulletin konnte mir Iech schonns de Projet Renforcement des Capacités vun 21 Organisatiounen a Latäinamerika virstellen. Dëse Formatiounsprojet ass entstanen, nodeems de Ministère eis an der Evaluatioun rekommandéiert huet, méi fir d'Weiderbildung vun eise Partner ze schaffen, esou datt si sech besser kënnen un déi schwiereg Situatiounen an hire Länner upassen.



Elo huet de Projet schonns ugefaang. Et geet dorëms, kleng Hëllefsorganisatiounen z'ënnerstëtzen, déi a verschiddene Länner vu Latäinamerika schaffen. Hei geschitt et nämlech oft, datt d'Mataarbechter vun dësen Organisatiounen esou domat beschäftegt sinn, de Leit a precaire Situatiounen aus der Patsch ze hëllefen. Si hunn net genuch Zäit fir sech domat ze beschäftegen, wéi hir Associatioun opgebaut ass, wéi hir Organisatioun iwwerliewensfäheg bleift a wéi si hir Finanze besser geréiere kënnen. De Projet Renforcement des Capacités huet als Zil, dës Organisatiounen ze forméieren, dass si méi nohalteg kënne schaffen an esou d'Aarmut, d'Inegalitéiten an de Problem vun der sozialer Ausschléissung a Latäinamerika kënne bekämpfen.

Och dës Kéier wollte mir Iech e puer vun dëse klengen Organisatioune virstellen:

### Comment soutenir nos actions ?

Vous pouvez manifester votre générosité
par un don au profit de

Action pour un Monde Uni
BIL: LU14 0021 1349 0900 0000
CCPL : LU83 1111 1287 6344 0000

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.

**Zu Paraná (450 km vu Buenos Aires) an Argentinien**

Casita Estrella ass virun aacht Joer entstanen, fir de Kanner ze hëllefen, déi an engem extrem aarmen Ëmfeld no beim Floss Paraná liewen. Si bidden hinnen eng ganz Rei Aktivitéiten, wéi zum Beispill Nohëllefsstonnen oder Sport un. D'Kanner kréien och d'Méiglechkeet, fir ee medezinesche Suivi, fir bei een Zänndokter ze goen oder bei de Logopäd.

Si encouragéieren d'Kanner an hir Familljen, fir esou gutt wéi nëmme méiglech hir Zukunft selwer an d'Hand ze huelen, an hir kleng Projeten ze realiséieren. Valeure wéi Bridderlechkeet, Toleranz a Solidaritéit ginn hei grouss geschriwwen.

D'Mamme ginn ënnerstëtzt a kënnen u verschiddenen Atelieren deelhuelen, wéi z.B. Bitzen an aner Handwierker.





**La Matanza an der Géigend vu Buenos Aires**

De «Centre pour les migrants», gehéiert de missionaresche Scalabrinie Schwësteren. Dësen Zentrum huet als Aufgab d'Immigrante-Fraën z'ënnerstëtzen, an hinnen déi elementar Servicer a verschidden Aktivitéiten unzebidden. Déi meescht vun hinne stamen aus Bolivien oder aus dem Paraguay.

An aneren argentinesche Provënzen mécht dës Organisatioun Initiativen, déi sozial Protektioun a fundamental Mënscherechter förderen.

**Zu Santiago am Chile**

De Proyecto El Castillo huet als Zil am Educatiouns- an Entwécklungsberäich ze schaffen.



Haaptsächlech hëllefe si 45 ganz aarm Familljen, fir datt hir Kanner kënnen an d'Schoul goen an datt si Schoulmaterial, Kleeder an Iesswueren hunn. Duerch Parrainagen aus dem In- an Ausland ginn dës Kanner ënnerstëtzt.

Dëst ass ganz bestëmmt een neien Typ vu Projet. Wa mir wierklech wëllen, datt déi kleng Organisatiounen op laang Dauer eng Iwwerliewenschance hunn a weiderhin deene klenge Leit sollen hëllefen, da mussen si och d'Chance kréien, sech de Konditioune vun haut unzepassen.

## ... à Mont Organisé en Haïti

**Projet 2015-2018**

**Développement du secteur agricole dans la région de Mont-Organisé en Haïti**

**Budget alloué au projet:** € 208.961,89

**Cofinancement selon le contrat du** 01.10.2015

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois:** € 139.307,93

**Action pour un Monde Uni :** € 54.653,96

**Contribution PACNE Local:** € 15.000,00 (Terrain)

**Partenaire local :** PACNE (Action Contre la Pauvreté du Nord Est)

Il s'agit du quatrième projet que l'Action pour un Monde Uni réalise avec l'ONG partenaire PACNE, active au nord de Haïti.



Dans toute son histoire, Haïti a été décrit comme étant un pays essentiellement agricole. L'agriculture représentait toujours un des secteurs d'activités les plus importants. En effet, Haïti est riche en terres cultivables mais jusqu'à présent ce pays n'arrive pas à nourrir sa population et est obligé d'importer presque tout pour satisfaire ses besoins de consommation. Souvent les agriculteurs n'arrivent pas à améliorer leurs rendements et ceci pour une des raisons suivantes:

- ils ne disposent pas des techniques agricoles appropriées,
- ils n'ont pas les moyens pour mettre en valeur leurs terres,
- ils n'ont jamais eu la chance de recevoir des formations sur la façon d'améliorer leur travail ou encore,
- ils n'arrivent pas à se procurer de l'engrais, compte tenu du faible rendement obtenu des récoltes.

Actuellement, en Haïti seulement 60% de la population reçoit un repas par jour. Aujourd'hui, Haïti doit investir 80% de ses recettes provenant de ses exportations pour réimporter des aliments. Haïti importe 50 % de sa consommation en produits laitiers, 75-85 % de ses céréales et presque 100 % de son sucre et huiles. (Mordshunger – Jean Feyder)

Par ce projet en agriculture, PACNE veut augmenter la production locale en proposant des formations techniques et organisationnelles à 150 agriculteurs ainsi qu'un transfert de connaissances sur des nouvelles techniques appropriées à travers des experts locaux dans le domaine de l'agriculture. De plus, le projet prévoit à mettre sur pied une coopérative





agricole qui pourra encadrer tous les planteurs de cette commune pour qu'ils produisent de la nourriture pour nourrir les familles et pour vendre leurs produits aux marchés de la région. Ainsi le projet vise une réduction de la malnutrition et une augmentation des revenus de la population locale.

## ... à Kinshasa au Congo

Projet 2014-2017

**Construction et équipement d'une maternité et d'une pédiatrie à Kinshasa en RDC**

**Budget alloué au projet :** € 409.559,87

**Cofinancement selon contrat du** 30.05.2014

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 273.039,91

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl:** € 92.519,96

**Partenaire local :** € 44.000,00

**Partenaire local :** AECOM (Association pour l'Economie de Communion)

À la découverte de AECOM, notre partenaire en République Démocratique du Congo (RDC)

Début septembre, Sarah Ziadé et moi-même, nous avons eu l'immense chance de pouvoir nous rendre au Congo. Le but de notre voyage était la visite du centre médical Moyi Mwa Ntongo et de la nouvelle maternité en construction ainsi qu'une meilleure connaissance de l'association AECOM, notre partenaire dans ce projet.

L'accueil à Kinshasa était très chaleureux.

L'émotion était forte au moment de la visite de la nouvelle maternité. Voilà que nous avons travaillé pendant deux ans à distance et maintenant c'était la première fois que nous avons pu visiter ensem-



ble le fruit de cette coopération. Du coup, le rapport par écrit de la première année du projet devenait «vivant» et les amis de AECOM pouvaient encore mieux nous expliquer les différentes étapes parcourues.

Dès le premier instant, nous avons pu constater que la construction est propre et bien faite.

Au rez-de-chaussée nous avons visité les différentes salles de soins (salle post partum, d'accouchement...), de la future maternité avec son entrée, la réception, les quatre chambres de repos et les installations sanitaires.

Au premier étage, il est prévu de réaliser la pédiatrie avec huit chambres, des installations sanitaires, la salle des infirmiers et infirmières ainsi que le bureau du médecin.

Nous avons fait cette visite avec toute une équipe: de droite à gauche vous voyez l'ingénieur chargé de la construction, un représentant du corps médical, un administrateur de AECOM, le président, la vice-présidente, l'ancien président qui est l'administrateur actuel, une administratrice et une représentante de la délégation de l'AMU.



Deux choses nous ont frappées:

- La cohésion au sein de ce groupe, où chacun semble engagé à donner le meilleur de soi-même dans son domaine spécifique.
- L'implication du personnel médical du centre médical dès le début du projet.

Au deuxième étage il est prévu d'installer la pharmacie, le bureau de gestion, les installations sanitaires, la lingerie, la salle de matériel.

Actuellement les travaux de plomberie, de menuiserie et de crépissage sont en cours.

Comme nous avons pu le constater, le travail de construction a été réalisé avec compétence par une équipe pluridisciplinaire.

Le lendemain, nous avons eu l'occasion de connaître certaines réalisations de projets de AECOM, une association bien structurée avec quatre champs d'action:



- Le centre médical Moyi Mwa Ntongo
- Le projet social Petite Flamme qui permet la scolarisation de 2.000 enfants démunis
- Les formations à l'Économie de Communion*
- Les activités agricoles.

L'ampleur des activités de AECOM dépasse de loin nos attentes! Nous rencontrons de nombreux collaborateurs de AECOM et nous constatons à quel point tous s'engagent pour les bénéficiaires. Ils connaissent bien leur pays, travaillent en synergie avec d'autres associations et ont le soucis de permettre aux populations les plus défavorisées d'aller de l'avant.

Ainsi par exemple nous avons visité la région de Kikwit (ville située à 500km de Kinshasa), une région où la vie n'est pas facile car l'essentiel manque à la population. Même dans ces conditions, l'hospitalité reste une valeur importante pour les gens et nous avons pu vivre de très beaux moments avec la population.

Ici nous avons rencontré Jean Kuvula, initiateur des écoles Petite Flamme de cette région et actuellement responsable des cours de rattrapage.

## Contact Action pour un Monde Uni

Siège social / Bureau :
11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél : 26 67 12 61 - info@amu.lu - www.amu.lu
www.facebook.com/ActionpourunMondeUni

## Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Robert Kremer (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Marie-Thérèse Kremer (membre), Bechara Ziadé (membre), Marianne Harpes (membre), Claudine Stein (membre), Christiane Stein (membre), Josiane Hoffmann et Claude Steichen (gestionnaires de projets)

En vivant pendant quelques jours avec sa famille, nous nous sommes rendu compte des difficultés auxquelles les habitants de cette petite ville doivent faire face au quotidien. Notre étonnement fut grand d'entendre que ses propres enfants sont obligés de fréquenter l'école publique qui est de moins bonne qualité. En effet, l'association AECOM a pris pour option de scolariser les enfants démunis et par conséquent les écoles Petite Flamme ne sont destinées qu'à eux.

De retour à Kinshasa, nous avons eu la possibilité



d'écouter les témoignages de quelques entrepreneurs de l'Économie de Communion. Au Congo, ce groupe d'entrepreneurs qui cherche à appliquer les principes d'une économie solidaire s'est fixé comme objectif que chacun d'eux aide une personne, c'est-à-dire une famille, à sortir de la misère. Cette technique, avec un effet boule de neige et le groupe de ceux qui s'engagent dans cette action s'agrandit toujours plus et les demandes de formation en Économie de Communion augmentent.

Nous sommes rentrées au Luxembourg avec la certitude qu'avec notre partenaire congolais nous partageons le même but: l'engagement pour les personnes les plus vulnérables.

Josiane Hoffmann

* Economie de Communion : L'Economie de Communion est un mouvement international dont le but est de réaliser et de rendre visible une société humaine qui vise à réduire la pauvreté grâce au partage et à la communion (www.edc-online.org).

**Uganda und Tansania – Projektbesichtigung September 2015**

Da die Action pour un Monde Uni zurzeit an mehreren Projekten in Tansania beteiligt ist, liegt es nahe, einmal im Jahr nach Tansania zu reisen, um im direkten Kontakt mit der Bevölkerung und den Partnern vor Ort zu sein. Nur auf diese Weise können die Bedenken und Ideen der Bevölkerung ganzheitlich verstanden und in den Projekten umgesetzt werden.

Unsere Reise startete in Kampala/Uganda, mit dem Auto in Richtung Tansania. In Kanjungutti, wo die AMU letztes Jahr eine Kinderklinik fertiggestellt hat, stoppten wir, um die Klinik mit ihren kleinen Patienten zu besuchen. Die Klinik hat ihre Arbeit aufgenommen. Das Personal und das Gebäude vermitteln ein beruhigendes und vertrauenerweckendes Gefühl. Man bekommt den Eindruck, die Kinder sind hier gut aufgehoben und bestens versorgt. Zurzeit, werden noch zwei Gebäude gebaut in denen Wohnungen für das medizinische Personal vorgesehen sind.



Am Tag danach trafen wir in Nyakaiga ein, wo die AMU seit 2008 eine Solaranlage betreibt die ein Dorf, eine Klinik, ein Konvent und eine Schule mit Strom versorgt. Zusätzlich hat die AMU zu Beginn dieses Jahres einen Wassertank für die Grundschule von Nyakaiga gebaut. Der Tank bedeutet für die etwas abgelegene Schule eine enorme Verbesserung der Lebens- und Arbeitsbedingungen. Da bis zu dem Zeitpunkt kein Wasserspeicher vorhanden war, musste jeder Tropfen vom Personal aber auch von den Kindern herbeigetragen werden. Natürlich ging das auch auf Kosten der Schulzeit. Die Freu-





de der ganzen Schule haben die Kinder sowie die Lehrer durch traditionelle Tänze und Gesänge zum Ausdruck gebracht. Und es ist immer wieder beeindruckend was die einfachste Infrastruktur bewirken kann wenn sie plötzlich vorhanden ist.

In Kandegesho, ca. 15 km entfernt von Nyakaiga, ist die AMU dabei, zusammen mit dem Partner vor Ort, eine Lagerhalle zu bauen. Die Bauern dieser Gegend haben keine Lagermöglichkeit für ihre Ernten. Dies bedeutet dass sie gezwungen sind das Getreide nach der Ernte zu verkaufen, egal ob die Preise gut oder tief sind. Diese Halle soll den Bauern die Möglichkeit bieten ihre Ernten zu halten bis die Preise entsprechend gut sind, dass sie verkaufen wollen. So können die Einnahmen der ländlich lebenden Familien gesteigert werden. Die Lagerhalle soll in Zukunft von den Sisters, die gleich nebenan wohnen, verwaltet werden.



Unser Eindruck von Nyakaiga war sehr positiv, die Dinge gehen weiter, wenn auch manchmal ungewohnt langsam für uns. In Vorbereitung sind nach wie vor ein Wasserprojekt und die Verbesserung der Klinik in Nyakaiga. Es ist nicht unsere Aufgabe, die Dinge zu erzwingen. Wir müssen die Menschen vor Ort, gemäß ihrer Arbeitsweise und ihren Gewohnheiten, die nötige Zeit lassen. Wichtig ist, dass die Menschen bereit sind für die Projekte. Nur so haben Projekte eine Chance zum Weiterleben.

Auf der Rückreise besichtigenden wir in Kampala (Uganda) das Projekt „Foodstep", eine Initiative einer belgischen Familie, die uns sehr bewegt hat. Werner und Nathalie sind vor ca. acht Jahren mit ihren zwei Kindern nach Kampala gekommen, weil, wie sie uns schilderten, ihr Leben in Belgien nicht mehr viel Sinn ergab.

In Kampala sind sie sehr schnell in Kontakt gekommen mit dem Kindergefängnis Kampiringisa, ein gefürchteter Ort. Nicht ohne Grund, hat er den Ruf ein zukunftsloser, stinkender und unschöner Ort zu sein. Kampiringisa liegt nur einige Kilometer außerhalb der Hauptstadt Kampala und dort sind meist mehr als dreihundert Kinder im Alter zwischen drei und siebzehn Jahren untergebracht. Die Kinder sind überwiegend Straßenkinder. Beim ersten Besuch haben Nathalie und Werner grausame Bedingungen feststellen müssen und seither investieren sie all ihre Energie und finanziellen Mittel in diese Kinder. Sie versuchen die Haftbedingungen zu erleichtern



und sie nehmen die Kinder nach dem Gefängnisaufenthalt zu sich. So ist das Kinderprojet „Foodstep" entstanden, wo mittlerweile über 100 Kinder leben. Nathalie und Werner haben sich vorgenommen alle Kinder aufzunehmen, sie zur Schule zu schicken und sich um Arbeit für die achtzehnjährigen zu kümmern. Das jüngste Mitglied von „Foodstep" ist übrigens drei Monate alt und wurde in einem Plastikbeutel gefunden als es nur eine Stunde alt war. Wie sie uns erzählten, haben von ca. 300 Inhaftierten nur zwei Jugendliche wirklich eine Straftat begangen. Die anderen lebten nur auf der Straße, weil sie kein Zuhause oder keine Eltern mehr hatten.

Die einzigen Lichtblicke in dem Elend der inhaftierten Kinder, sind die wöchentlichen Besuche von „Foodstep". Die Mitarbeiter der kleinen ONG bringen den Kindern von Kampiringisa jede Woche ein klein wenig Hoffnung. Sie zeigen Präsenz, bringen gutes Essen, medizinische Versorgung und Kleidung. Zusätzlich sorgen sie für ein paar Stunden Unterhaltung, geben Vorträge und führen aufmunternde Gespräche mit den Kindern. Seit den Besuchen von Foodstep hat sich die Lage für die Kinder in Kampiringisa etwas verbessert.

Der Traum von Nathalie und Werner ist es, anstatt viel Geld aufbringen zu müssen für das Schulgeld der Kinder, selbst eine Schule zu gründen. Das Grundstück haben sie bereits erworben.

Claude Steichen